LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JAN. 2019

Réf. : mfp_829xdec4f

Dossier suivi par :
Schoos Françoise
Tél. : 247-83 184

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation

Luxembourg, le 18 JAN. 2019

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 84 du 11 décembre 2018 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le statut des agents de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre la réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure, de Monsieur le Ministre du Travail et de Monsieur le Ministre de la Fonction publique à la question parlementaire n°84 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Fonction publique

Marc Hansen

63, avenue de la Liberté
L-1931 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83100
Fax: (+352) 26 48 36 16

B.P. 1807
L-1018 Luxembourg

www.fonction-publique.public.lu

Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°84 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen vun de Ministere vum Ëffentlechen Déngscht, Bannenzeg Sécherheet an Aarbecht

Opgrond vum Gesetz vum 1. August 2018 betreffend d'Konditiounen an d'Modalitéite vum Zäitspuerkont an der Fonction publique sinn den 1. Oktober 2018 eng ganz Rei Ännerungen am Staatsbeamtestatut a Kraaft getrueden. Sou sinn zum Beispill verschidde Bestëmmungen aus Reglementer iwwer d' Aarbechtszäit, respektiv iwwer d' Iwwerstonne vun de Staatsbeamten an d' Gesetz iwwer de Statut iwwerholl an deelweis redefinéiert ginn.

Et goufen deemno Gesetzesännerungen, déi an den eenzele Verwaltungen ëmgesat musse ginn, an dofir ass eng grouss Disponibilitéit vun der Police erfuerdert fir all hire Missioune kënne gerecht ze ginn. Gesetzeslücken, esou wéi am Artikel am Lëtzebuerger Journal vum 11. Dezember 2018 beschriwwen, bestinn allerdéngs net. De Statut vun de Staatsbeamte gesäit vir, dass d'Schichtaarbecht kann organiséiert ginn an dat als Ausnam zu verschiddenen allgemenge Reegelen (Art. 18-13 vum Statut).

De Verwaltungschef kann also derogéieren:

- zu dem Fait, dass eng Aarbechtswoch 5 Deeg sinn tëschent Méindes a Samschdes (art. 18), wat also heescht, dass ënner anerem och de Sonndeg ofgedeckt ass ;
- zu dem "horaire mobile" (art. 18-6), dat heescht, dass de Verwaltungschef net just bis zu 6 Stonne „temps de présence obligatoire" ka festleeën, mee 8 Stonnen ;
- an zu der Zäitspan (amplitude de travail) wou ka geschafft ginn an déi am normalen tëschent 6.30 an 19.30 Auer läit; domat kritt een also och d'Nuechten ofgedeckt.

Deemno ginn et och keng Konsequenze fir déi national Sécherheet.

Wat d'Ausbezuele vun de Majoratioune betrëfft, sou sinn déi iwwer den Artikel 6 vum modifizéierte Règlement grand-ducal vum 25. Oktober 1990 betreffend d' Iwwerstonnen, déi Fonctionnaire leeschte kënnen, gereegelt.

Wat eventuell Aarbechtsaccidenter betrëfft, sou gëllen do déi allgemeng Bestëmmungen.